mini - viddibbi

dat klengt Spill fir séier a genau ze kucken



Alter: 3 +
Spiller: 2 +
Dauer: 5 - 10 Minutten
Prinzip: Kaartespill
Zil: am meeste Kaarte sammelen
Iddi: Blanche Kails 6.2.2016

Zweck vom Spill: differenzéiert beobachten
däitlich a präzis schwätzen
Vokabulär üben
Reaktiounsvitess trainéieren

Material: 1 Set = 13 Mini-Viddibbi-Kaarten
op all Kaart së 4 Bilder, op 2 Kaarten ass engt Bild d'selwicht (egal wéi eng zwou)

Virbereedung: Gidfer Spiller krëtt eng Kaart. Di anner Kaarte ginn ëmgedrikt op den Dësch gelaacht. Dat ass de Kupp. Gidfer Spiller leet seng Kaart mam Bild no uëwwe viraan sech op den Dësch.

Spillverlof: All Spiller fänken dee selwichte Moment aan ze spillen. Déi iäwwescht Kaart vom Kupp gët ëmgedrikt a mam Bild no uëwwen op de Kupp gelaacht. Gidfer Spiller vergläicht lo op **senger Kaart**, wéi engt Bild op senger Kaart dat selwicht ass wéi engt von de Bilder von där iäwweschter Kaart vom Kupp. Wee fir d'ischt dat richtigt Bild **nennt**, deen hëllt d'Kaart an hee leet së mam Bild no uëwwen op seng eege Kaart. Domatt ass deen ischten Tour fäerdig. Fir deen nächsten Tour drikt dee Spiller, deen di läst Kaart gewonnen hatt, déi iäwwescht Kaart vom Kupp ëm a leet së mam Bild no uëwwen hannich op de Kupp. Bäi all Tour vergläicht gidfer Spiller seng iäwwescht Kaart matt där Kaart op dem Kupp.

An sou geet et ëmmer wegder:

- eng Kaart vom Kupp ëmdréien,
- déi iäwwescht Kaart vom Kupp matt där eegener vergläichen an dat richtigt Bild nennen,
- dee Séiersten hëllt d'Kaart vom Kupp a leet së offen op seng eege Kaart(en)

D'Spill ass **fäerdig**, wa keng Kaarte méi om Kupp an der Mëtt leien.

Gewonnen ass deen, deen am meeste Kaarte gewonnen hatt.